Doppelmoral?

Dës Offenheet an dës Mënschlechkeet, dësen humanisteschen Engagement hätt ech mir vun eise Politiker a vun all eise Medien erwaart.

D'ganz Welt weess mëttlerweil Bescheed iwwer d'Verbrieche géint d'Mënschlechkeet, deen de „Rechtstaat“ Israel un de Palestinenser säit Joerzéngte begaangen huet a weider begeet.

Honnerte vu Millioune Mënschen an der ganzer Welt protestéieren. Judden an der ganzer Welt skandéieren "Not in our name" a verdamen Israel fir seng Verbriechen um palestinensesche Vollek.

Et handelt sech hei em eng "affaire de centenaire", der Wäert an d'Geschichtsbicher anzegoen.

Mee eis Politiker an eis Medien halen sech zréck.

Esou vill Zréckhalung an Asymmetrie bei medialen Narrativen a bei politesche Reaktiounen an Handlungen hunn ech bei kenger aneren humanitäre Katastroph an deem beschämende Mooss erlieft.

De politeschen Asaz fir d'Ukrain an d'Beriichterstattung iwwer déi Aggressioun ass wichteg a moralesch richteg, well et do och em eng onschëlleg Zivilbevëlkerung geet.

Mee firwat net och deeselweschten Asaz, deeselweschte Narrativ an déiselwescht Berichterstattung am Fall vum Gaza? Sinn d'Mënschen am Gaza dat net Wäert? Well si ekonomesch, geopolitesch a geostrategesch net esou interessant sinn?

De Mord un onschëllege Mënschen, dovunner d'Hallschent Kanner, de Massemord am Gaza ginn einfach stëllschweigend toleréiert. Firwat?

Dat ass net méi just ee Krich géint d'Hamas, esou wéi d'Medien et duerstellen am Aklang mat der Versioun vun enger riëts-extremisteschen a krimineller israeelescher Regierung, mee et ass eng massiv a flächendeckend Exterminatioun an een absichtlecht Verdreiwe vun engem ganze Vollek! Et ass genozidär.

Dat Ganzt ass premeditéiert fir de Gaza am Endeffekt un Israel z'annexéieren. Wat och kloer esou vun israeelesche Ministere ugekënnegt ginn ass.

Toutes les vies humaines se valent.

Wéi kënnen eis Politiker a Medie an esou engem Fall „Neutralitéit“ affichéieren? Bei dësem massenhafte Mord un onschëllege Mënsche? Wann déi ëffentlech Medien nach iwwer Mënschlechkeet sollte verfügen, sollte si hiren Narrativ an dëser Saach revidéieren an änneren.

Oder si mir definitiv an enger Doppelmoral gefaangen?

Et gëtt keng "Neutralitéit" wann et sech em planifizéierte Mord un engem Vollek oder em seng Verdreiwung handelt, wann et em Mënschlechkeet geet. An dat gëlt net just fir d'Ukrain. Entweder et steet een generell zur Mënschlechkeet oder net.

D'Palestinenser hunn dat Pech keen ekonomeschen Impakt op de Welthandel a keen "intérêt géopolitique ou géostratégique" ze hunn. Soss wieren eis Politiker, an och eis Medie, scho längst fir si intervenéiert. Wéi fir d'Ukrain. A wéi fir d'Populatioun an engem Apartheid-Regime a Südafrika.

A firwat gëtt net méi ausféierlech iwwer de Prozess um Internationale Geriichtshaff zu Den Haag beriicht?

Ech schumme mech fir déi soi-disant ziviliséiert westlech Regierungen a Medien. Fir déi Komplizitéit mat engem soi-disant "ziviliséierte" Verbündeten/Vorpfostenstaat am Noen Osten.

Et geet schlussendlech em Mënschlechkeet an em Gerechteegkeet. Et geet em Mënscheliewen! Dozou sollten Politiker a Medien an hirem Narrativ stoen. Onofhängeg vun allen aneren Aflëss.

Et geet em een dauerhaften "Cease-fire" an em humanitär Hëllef fir ee stierwend Vollék. An et geet dorëm fir duerno eng viabel Solutioun fir béid Vëlker ze fannen, op diplomateschem Wee an net mat Waffegewalt.

Mehmed Özen

L-7513 Miersch